N° 5454
Reçue le 08.02.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an der Madamm Familjeminister op d'parlamentaresch Fro n° 5454 vum 4. Januar 2022 vun der honorabeler Deputéierter Madamm Martine Hansen.**

1. *Huet d'Regierung aktuell Zuelen zum Taux de vaccination beim Personal am Gesondheets- a Fleegeberäich?*
2. *Wann nee, kann duerch d'Personal dat sech muss Teste loossen, eng Aschätzung vum Impftaux gemaach ginn?*
3. *Ginn et Ënnerscheeder tëscht den eenzele Gruppen an Haiser?*

Op Gronn vun der Motioun iwwer d'Impfflicht vum honorabelen Deputéierten Gilles Baum déi den 19. Januar 2022 mat 31 Stëmmen géint 29 Stëmmen an der Chamber ugeholl gouf, wäert d'Regierung zaitno en Dokument zur Verfügung stëllen dat d'Donnéeën iwwert den Impfstatuts vum Gesondheetspersonal, wat am enken Kontakt mam Patient steet, opschlësselt.

D'Ministeren erlaben sech deemno den honorabelen Deputéierten op dëst Dokument ze verweisen dat zaitno den Deputéierten wäert zur Verfügung gestallt ginn. Parallel dozou sinn awer och schonn eng Partie Zuelen an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro 5436 detailléiert ginn.

4. Wat gouf bis elo gemaach fir d'Personal ze incitéiere sech impfen ze loossen?

An der Kommunikatioun, souwuel innerhalb wéi ausserhalb vun den Haiser, ass op d'Wichtegkeet vun der Impfung higewisen ginn an et sinn verschidden Mesuren en place gesat ginn fir d'Impfung fir d'Personal sou einfach wéi méiglech ze maachen.

Doriwwer eraus huet jo den Expertsgrupp deen sain Avis zur Impfflicht den 14. Januar 2022 ofginn huet, eng Impfflicht souwuel bei Persounen iwwer 50 Joer wéi och fir d'Gesondheetsberuffler recommandéiert.

Am Kontext vun den Recommandatiounen déi d'Commission permanente pour le secteur des personnes âgées regelméisseg un d'Strukturen aus dem Eelere Beräich schéckt, gëtt ëmmer erëm d'Wichtegkeet vun der Impfung ënnerstrach.

Esou stinn an den Recommandatiounen vum 22. September 2021 (Wunnstrukturen aus dem Eelere Beräich), vum 29. September 2021 (CPG ; Réseaux d'aide et de soins) a vum 19. Oktober (Wunnstrukturen CPG, Réseaux d'aide et de soins) dës Kapitelen:

**«Introduction**

*Œuvrons ensemble pour améliorer le statut vaccinal du personnel.*

*En ce qui concerne le personnel, il est rappelé aux professionnels intervenant auprès de personnes âgées, particulièrement vulnérables, l'exigence déontologique de se faire vacciner. Le fait de se faire vacciner constitue un acte citoyen, un acte de responsabilité et de solidarité permettant de se protéger contre le virus, de protéger les personnes âgées et de protéger les collègues. Afin d'augmenter la couverture vaccinale du personnel, les responsables des structures d'hébergement continueront à promouvoir activement la vaccination contre le SARS-CoV-2, tout en adoptant une démarche informative et pédagogique (voir aussi matériel d'information sur le site https://covid19.public.lu/fr/vaccination.html). Tout a été mis en œuvre pour permettre au personnel d'avoir un accès rapide et facile à la vaccination.*

*Une couverture vaccinale de l'ensemble du personnel facilitera un retour à la normale dans les structures d'hébergement.*

*[…]*

***La vaccination***

L*a vaccination des résidents nouvellement admis dans une structure d'hébergement et non encore vaccinés pourra être dispensée par le médecin traitant du résident.*

*Une troisième dose de vaccin sera proposée aux résidents. Des explications sur le bien-fondé de cette offre se trouvent dans l'avis du CSMI, du 7 septembre 2021.*

*Il est rappelé aux responsables des structures d'hébergement de continuer à promouvoir activement et régulièrement la vaccination du personnel et des résidents contre le SARS-CoV-2. Du matériel d'information et de promotion se trouve sur le site : **https://covid19.public.lu/fr/vaccination.html***»

An de Recommandatioune vum 17. Dezember 2021 sinn dës Messagen nach eng Kéier widderholl.

Lëtzebuerg, den 8. Februar 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert